

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro vum 19.1.2021 schreift den Här Minister:

"D'Police féiert generell keng Statistiken, wou no der Hierkonft, Nationalitéit, Residenz vun de présuméierten Tater ënnerscheet gött."


An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Mir ass vu concernéierte Leit, déi um Terrain schaffen, matgedeelt ginn, datt d'Police ganz wuel d'Nationalitéit vun den Täter erfaasst, an dat aus Grënn vu seriöser, professioneller an transparenter Policearbecht. Kann d'Regierung an deem Sënn confirméieren, datt déi betroffenen Acteuren um Terrain, déi mir dës Aussoen zougedroen hunn, net d'Wouerecht soen?
2. Zënter wéini féiert d'Police keng Statistike méi iwwert d'Nationalitéit vu presuméierten Täter? Firwat huet se dat opginn? Wéi hunn déi lescht Statistiken an deem Zesammenhang ausgesinn?
3. Zënter wéini féiert d'Police keng Statistike méi iwwert de Wunnsätz (Gemeng, Land) vu presuméierten Täter? Firwat huet se dat opginn? Wéi hunn déi lescht Statistiken an deem Zesammenhang ausgesinn?
4. An deene meeschte Länner - dozou gehéieren och eis Nopeschlänner - ginn et kloer Statistiken iwwert d'Nationalitéit vun den Täter. Deemno kann et scho verwonneren, wann Lëtzebuerg dat net mécht. Kann de Minister deen Ënnerscheid erklären?
5. Soziologesch Date ginn an immens ville Beräicher vum Staat gesammelt, ob dat elo bei der Schoul ass, bei der CNS oder soss bei Administratiounen. Doduerch kënnen duerno opschlosräich Statistiken erstallt ginn. Firwat gött dëst net bei der Police gemaach?
6. Soziologesch Daten a Statistiken iwwer d'Nationalitéit oder de Wunnsätz si wichteg, fir Problemer ze analyséieren a besser ze verstoen a fir esou besser op dës Problemer kënnen anzewierken. Dofir ginn esou Daten a Statistike jo a ville Beräicher, wéi z.B. an der Schoul, erstallt. An deenen anere Länner ginn esou Daten a Statistiken eben och am Bezuch op d'Kriminalitéit erstallt. Ass de Minister net der Meenung, datt et also wichteg wier, op esou Statistiken zeréckgräifen ze kënnen, respektiv esou Statistiken ze erstellen?
7. Fir d'Policearbecht ass et wichteg ze wëssen, aus wéi enge Gemengen oder Länner Täter hierkommen. Ass de Minister an deem Sënn net der Meenung, datt et sollt eng Statistik

zum Openthaltsland vun Täter ginn - also iwwert d'Länner wou déi presuméiert Täter hire Wunnsätz hunn?

8. De Minister huet a senger Äntwert op meng Fro präziséiert, datt een awer kann "soen datt e Grouss Deel vun den Dealere net ze Lëtzebuerg wunnt, mee am noen Ausland (haauptsachlech a Frankraich)." Wéi kann de Minister esou eng Ausso maachen, wann d'Police keng Statistiken dozou féiert? Op wéi eng Zuele baséiert sech den Här Minister?
9. Zu Lëtzebuerg ginn et vill grenziwwerscheidend Strofdoten, bei deenen d'Täter am Ausland wunnen. Ginn et heizou Statistiken?
10. Gëtt et international Verträge oder Studien déi virgesinn, wéi de Staat Statistiken zur Kriminalitéit muss féieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten